n° 2367

Un den Här Chamberspräsident
Fernand Etgen

REÇU
Par Alff Christian , 12:09, 10/06/2020

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2020

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch** Fro un déi Dammen Gesondheetsministesch a Familjeministesch weiderzeleeden.

De Message vun der Regierung, datt eler a besonnech gesondheetlech vulnérabel Leit trotz dem Déconfinement sou gutt wéi meiglech doheem sollte bleiwen, ass a bleift nach ëmmer aktuell. Et ginn awer Leit, déi keen Doheem hunn an op der Strooss liewen. Eisen Informatiounen no logéiert e Grupp vu schwéier vulnérabelen, well chronesch kranke Sans-abris'en am Alter tëscht 60 a 67 Joer de Moment an engem Hotel um Findel, fir den eventuellen Ustiechungsgeforen z'entgoen, déi kéinten an der Wanteraktioun oder an den „nights shelters" laueren. Si hu keng couverture sociale a staamen aus Rumänien a Polen. Si ginn am Hotel vun enger Associatioun bénévol betreit, déi och d'Käschten fir den Openthalt dréit. Déi Leit mussen awer elo geschwënn (et gëtt geschwat vum Méindeg, 15.Juni) do eraus an zereck op d' Strooss, wou si enger Ustiechung mam Covid-19 Virus besonnech ausgesaat sin.

An desem Kontext wëll ech folgend Froen stellen:

- Kënnen déi Dammen Gesondheetsministesch a Familjeministesch eis dës Informatiounen bestätegen?
- Wann jo, hunn déi Dammen Gesondheetsministesch a Familjeministesch Zuelen, wéivill obdachlos vulnérabel Persounen hei zu Letzebuerg op der Strooss liewen?
- Wéi eng Méiglechkeete vu Logementer ginn dëse Mënschen zur Verfügung gestallt fir sech an der aktueller Situatioun virum Virus kënnen ze schützen?
- A virun allem: gesinn déi Dammen Gesondheetsministesch a Familjeministesch eng Méiglechkeet, wéi d'Regierung dëse besonnesch vulnérablen obdachlose Mënschen elo séier ab dem 15.Juni kann hëllefen? Kann dës Hëllef entweder an engem Logement bestoen, dat zur Verfügung gestallt gëtt, oder am Iwwerhuele vun de Käschten vum weideren Verbleiwen an deem besoten Hotel?

**Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.06.2020)**

Mat déiwem Respekt,



Paul Galles

Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**REÇU**
*Par Alff Christian , 12:59, 11/06/2020*

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 11 juin 2020

**Réf. :** 832x5f585

**Concerne**: Question parlementaire urgente n° 2367 du 10 juin 2020 de Monsieur le Député Paul Galles

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe une nouvelle version de la réponse de Madame le Ministre de la Famille et de l'Intégration et de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 2367 du 10 juin 2020 de Monsieur le Député Paul Galles concernant la « situation des sans-abris vulnérables ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pr la Ministre de la Santé,

Anne Calteux
Premier conseiller de gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame le Ministre de la Famille et de l'Intégration et de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 2367 du 10 juin 2020 de Monsieur le Député Paul Galles concernant la « situation des sans-abris vulnérables ».**

**Kënnen déi Damme Gesondheetsministesch a Familljeministesch eis dës Informatiounen bestätegen?**

D'Situatioun vun dëse 6 Persounen ass dem Gesondheetsministère an dem Familljeministère bekannt. Et besteet och en Echange mat der ONG déi sech em des Leit bekëmmert.

**Wann jo, hunn déi Dammen Gesondheetsministesch a Familljeministesch Zuelen, wéi vill obdachlos vulnerabel Persounen hei zu Lëtzebuerg op der Strooss liewen?**

Déi meescht Mënschen déi op der Strooss liewen, si vulnerabel well se chronesch Krankheeten hunn, Alkohol- oder Drogenofhängeg sinn a well d'Liewen op der Strooss se gezeechent huet.

Et gëtt am Moment kee systematesche Recensement vun de Mënschen déi op der Strooss liewen, och net iwwert hire Gesondheetszoustand oder ob se spezifesch vulnerabel si fir sech mam Covid-19 unzestiechen.

Wat d'Wanteraktioun ugeet kann een awer soen, datt an der Moyenne 130 Leit pro Nuecht do geschlof hunn.

**Wéi eng Méiglechkeete vu Logementer ginn dëse Mënschen zur Verfügung gestallt fir sech an der aktueller Situatioun virum Virus kënnen ze schützen?**

Zënter dem 1. Dezember 2019 a bis den 30 Juni 2020 ass d'Wanteraktioun am neie Gebai um Findel do, fir deene Mënschen, déi op der Strooss liewen, eng Méiglechkeet ze ginn en Ënnerdaach ze hunn, 3 mol am Dag eng Moolzecht ze kréien a fir sech kënnen ze duschen an hir Kleeder wäschen ze loossen.

Niewent der Wanteraktioun gëtt et awer och e ganze Reseau vu verschiddene Strukturen, déi och soss d'ganzt Joer op sinn, a wou Leit ouni Dag iwwert dem Kapp kënne schlofen, sech ophalen an och eng sozial Begleedung kënne kréien. Dat sin Haltes de Nuit, Foyeren, spezialiséiert Foyeren fir drogenofhängeg Leit, Logementer déi nom Prinzip vum « housing first" funktionéieren oder sougenannte „logements encadrés / accompagnés".

Hei sief och nach gesot, datt vum 1. Juli un, eng Halte de nuit vun der Croix-Rouge am Gebai B vun der Wanteraktioun um Findel wäert opgoen. Dës Better an den Haltes de Nuit si reservéiert fir besonnesch vulnerabel Leit.

D'Leit déi Symptomer hunn an déi op d'Resultat vun engem COVID-19 Test waarden, kënnen sech um éischte Stack vum Gebai B vun der Wanteraktioun an Eenzelzëmmeren isoléieren; Leit déi COVID-19 positiv sinn, ginn zu Colpech fir d'Dauer vun hierer Krankheet betreit.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**A virun allem: gesinn déi Dammen Gesondheetsministesch a Familljeministesch eng Méiglechkeet, wéi d'Regierung dëse besonnesch vulnerabelen obdachlose Mënschen elo séier ab dem 15.Juni kann hëllefen? Kann dës Hëllef entweder an engem Logement bestoen, dat zur Verfügung gestallt gëtt, oder am Iwwerhuele vun de Käschten vum weideren Verbleiwen an deem besoten Hotel?**

De Familljeministère ass am Kontakt mat der ONG an hëlleft hier des besonnesch vulnerabel Leit an eng bestoend an adaptéiert Struktur ze orientéieren. Dës Leit brauchen awer och e suivi social a médical; all Mënsch deen e medezinesche Problem huet gëtt en Charge geholl a wann et muss sinn, och an der Klinik.